

# Den Comité, den Trainer Staff an Spillere zeien all un engem Strang!!!

Interview mat eisem  
President:

1. Gudden Moien Herr  
Leuck, dir sidd President  
vum F.C. Vinesca Ehnen.  
Ënnert ärer Leedung huet  
den Vinesca Ehnen eng  
nei Richtung geschloen.  
Den Vinesca Ehnen baut  
bewosst op jonk,  
hongereg an Entwécklung  
fäeg Spiller mat dem een  
oder anerer Erfahrenden  
Spiller am Kader fir déi  
jonk Spiller ze leeden. Déi  
éischt Saison mat ärer  
neier Philosophie ass  
gespillt ginn. Wei ass ären  
Fazit vun der leschter  
Saison?



**Claude Leuck: Gudden Moien, mir als Comité vum F.C. Vinesca Ehnen sinn glécklech dat den Veräin duerch eis nei Philosophie erëm eng Equipe konnten umellen déi mat eisen Idealen an Virstellung sech konnten identifiziéiert. Den Comité, den Trainer Staff an Spillere zeien all un engem Strang.**

**Fazit vir mech vun der leschter Saison ass positiv ausgefall, et huet souguer meng Erwaardungen iwwertraff.**

2. Déi Nei Saison fängt een Sonnden un, wat erwaart dir vun der Equipe an vum Staff Technique des Saison?

**Claude Leuck:** ech hoffen dat Equipe een flotten Fussball spillt an dat mir ënner déi zwou éischt Platzen kennt , minimal Ziel ass een Barrage Match.

3. Ehenen huet sech dësen Summer verstärkt an sinn hirer Linne trei bliwwen, 90 % sinn jonk Spiller, wisou zieht et déi Jonk op Ehenen, wat sinn Argumenter déi op ärer Säit leien?

**Claude Leuck:** Et mëscht Spaass zu Ehenen, mir probéieren jiddereen gläich ze behandelen an jiddereen kritt am Veräin eng fair Chance. Equipe ënnerhëlt vill zesummen, Freides gëtt gegrillt nom Training oder et gëtt nach am Veräinshaus Zäit mateneen verbruet an Kaarten gespillt. Een super Trainer Staff déi Sie weider entwéckelen well. Sie ginn a villen Saachen agebonnen an den Comité deen déi eng oder aner Sortie mat organiséiert.

4. Et sinn 2 Spiller déi iwwer 30 Joer hunn, mat BGL Erfahrung, op Ehenen komm, een vun hinnen ass keen Onbekannten (Steve Oliveira) zou Ehenen, hien huet lech 2018/2019 am Barrage Match géint den Ofstieg gerett. Wat sinn Erwaardungen un déi Spiller?

5. **Claude Leuck:** Erwaardungen un eis Oldien ☺, déi jonk Spiller leeden a motivéieren. Hinnen puer Tipps ginn ann hirer Entwécklung, an dat eis Jonk Spiller sech puer Saachen ofkucken vun esou Spiller déi awer een gewëssenen sportlechen CV hunn.

**“Et mëscht Spaass zu Ehenen, mir probéieren jiddereen gläich ze behandelen an jiddereen kritt am Veräin eng fair Chance.”**

**Claude Leuck  
President FC Vinesca  
Ehenen**

6. Dir huet am Summer nëmmen 2 Stamm Spiller un méi héich klasseg Veräiner verluer, den rescht vum Kader ass bliwwen an huet ganz frei sech bewosst fir Ehenen entscheet anstatt ze wiesselen. Wat ass äre Meenung als President dat Spillereen sech esou kloer pro Ehenen entscheet hunn?

**Claude Leuck:** Als President sinn ech stolz an houfreg dat Spiller sech esou frei mam F.C. Vinesca Ehenen bekannt hunn, dëst ass Bestätegung dat mir am Comité villes richtig man an dat den Wee deen mir lescht Joer ageschloen hunn Spiller sozial an sportlech iwwerzescht hunn. Mir wëllen dat Spiller

sech wuel villen bei eis, dat Sie zou eppes gehéieren an wëllen eng Familiäre Atmosphère grënnen wou jiddereen sech doheem fillt. Ech mengen dat ass eis bis lo gudd gelongen. Et ass leider Schued dat déi 2 Jongen gaangen sinn, mir wënschen hinnen vill Gléck an hirem sportlechen Wee. Am liewen gesäit een sech ëmmer 2 mol.

7. Den Vinesca Ehnen krut puer nei Sponsoren an déi loyal Sponsoren vun den leschten Joeren konnten gehal ginn, wat mëscht den F.C. Vinesca Ehnen interessant fir Sponsoren?

**Claude Leuck: Duerch eis nei Philosophie op Jonk Spiller ze bauen, kennen sech Sponsoren domadder identifizéieren. Mir hunn keng Mass vun Sponsoren. Awer déi Sponsoren déi mir hunn, ginn mir och eppes zréck. Mir soen een groussen Merci un eis Sponsoren.**

8. An der Coupe du Luxembourg an an der Coupe FLF kommen 2 éischt Divisionnairen, wat sinn äre Prognosen? Ass des jonk Equipe bereet géint esou een Géigneren ze bestoen?

**Claude Leuck: Mir hunn näischt ze verléieren!!! Mir kënnen nëmmen gewannen, mir wuessen mat esou Aufgaben.**

**“Ech mengen duerch eisen neien Ehner Wee, fannen  
ëmmer méi Leit den Projet interessant an wëllen  
wëssen bis wouhinner Rëss hin gött.”**

**Claude Leuck**

**President FC Vinesca Ehnen**

9. Dir huet 11 Leit am Comité, dovunner sinn 2 Spiller an den Hauptsponsor (New Home) an der leschter Generalversammlung eran getrueden fir dem Veräin an hirem neien Wee eng Hand mat un ze packen. Wei gesidd dir des positiv Entwécklung ronderëm den Veräin?

**Claude Leuck: Den Comité ass gudd opgestallt, mir huelen all Entscheidungen zesummen. Mir probéieren een innovativen Veräin ze sinn deem sech net scheid nei Iddien unzehuelen an ze probéieren. Nëmmen esou huet den Veräin eng Zukunft. Et ass natierlech flott ze gesinn dat eis jonk Spiller sech engagéieren wëllen. Do sinn mir als eeler Generatioun gefuerdert Sie lues an lues un déi administrativ Tâchen vum Veräin anzubannen. Sie sinn nämlech Zukunft vum Veräin.**

10. An ärem Comité gehéieren mat den Gebridder Theves, Becker an Leuck, 3 Famillen wou Pappen an Grousselteren Geschicht vum F.C. Vinesca Ehnen matgeschriwwen hunn. Dat ass schonn bal eenzegaarteg a Lëtzebuerg, erfëllt lech dat net mat Stolz an gesinn mir enges Daags déi 4 Generatioun vun des Famillen, enges Daags am Rudder vum F.C. Vinesca Ehnen?

Claude Leuck: Natierlech sinn ech houfreg dat eis Famillen Geschicht vum F.C. Vinesca Ehnen matgedroen hunn.

Wien weess wou Rees hin gétt, wier frou wann eng 4 Generatioun géif den Wee an den Comité fannen, awer do muss jiddereen vir sech selwer entscheiden.

11. Wat war bis elo är schwéierst Phase am Veräin déi lech geprägt huet am positiven mee och am negativen?

Claude Leuck :ech ,mir hatten schonn vill schwéier Phasen, awer aus all schlechtem ass och ëmmer eppes Positives eraus komm , soss wieren mir net méi do.

12. Iwwer 500 Leit suivéieren den F.C. Vinesca Ehnen op Facebook. Lescht Joer waren et der knapps 280 Leit. Wat maacht dir, dat Ëffentlechkeet sech fir den Vinesca Ehnen interesséiert?

Claude Leuck: Ech mengen duerch eisen neien Ehner Wee, fannen ëmmer méi Leit den Projet interessant an wëllen wëssen bis wouhinner Rëss hin gétt. Duerch déi positiv sportlechen Entwécklung vum lescht Joer, hunn schonn puer aner Veräin den gläichen Wee ewéi mir ageschloen an sech komplett nei opgestallt. Ëffentlechkeet schätz den Projet vum Vinesca Ehnen an mir soen Merci fir all Ënnerstëtzung déi mir kréien.

13. Wat sinn är Wënsch fir Equipe an den Veräin?

Claude Leuck: Dat mir nach vill flott Momenter zesummen hunn, keng Verletzungen, vill Punkten an hoffentlech gett 2023/2024 zou Ehnen 2 Divisioun gespillt.

14. Kennt dir eisen Supporter an den Fussballbegeeschter Leit erklären wei eng Grënn et ginn fir Sonndes op Ehnem een Match kucken ze kommen?

**Claude Leuck: Gudden Fussball, flott Gespréicher, an nom Match e gudden Pättchen Wäin an eiser Buvette!!**

**Hasta la victoria siempre**

Allez Vinesca

Leuck Claude

President FC Vinesca Ehnem

Merci fir den Interview an bis geschwënn.

